N°2177
Entrée le 02.04.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.04.2025
Chambre des Députés

FRAKTIOUN CSV

**Här Claude Wiseler**

**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, de 2. Abrëll 2025**

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizministesch an den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

An de leschte Joren ass d'Thematik vun der Gewalt tëscht Jugendlechen ëmmer méi präsent ginn – sief et bannent dem Schoulmilieu oder vun der Schoul. Rezent Fäll, déi iwwer d'Medien oder sozial Netzwierker un d'Ëffentlechkeet komm sinn, ënnersträichen, datt et sech heibäi ëm eng Entwécklung handelt, déi net nëmmen eenzel Fäll betrëfft, mee déi potenziell e méi breede gesellschaftlechen Trend duerstellt.

D'Phänomen vun der Gewalt kann dobäi verschidde Formen unhuelen: vu physeschen Ausernanersetzungen iwwert verbal Gewalt a Mobbing bis hin zu Cybermobbing an emotionaler Manipulatioun. Déi betraffe Jonker si gläichermoossen Affer wéi och potenziell Täter an enger sensibeler Phase vun hirer Entwécklung, an dofir ass et essenziell, datt d'Schoul an d'Gesellschaft generell mat enger differenzéierter, präventiver an empathescher Approche reagéieren.

An dësem Kontext gewënnt och d'Fro no enger effikasser Sensibiliséierung vu jonke Mënschen u Bedeitung. A Groussbritannien huet de Sir Keir Starmer rezent de Virschlag gemaach, d'Netflix-Serie "Adolescence", déi sech op realistesch a pedagogesch Weis mam Liewensalldag vu Jugendlechen an domat verbonnene soziale Problemer a Gewaltfäll befaasst, als educatiivt Tool an de Schoulunterrecht anzebannen. Sou eng Approche kéint och zu Lëtzebuerg eng Optioun sinn, fir Schüler méi no un hirer eegener Realitéit ze sensibiliséieren a Forme vu Gewalt besser ze erkennen an ze verstoen.

An deem Kontext wéillten mir follgend Froen un d'Madamm Justizministesch an den Här Educatiounsminister stellen:

- Ginn et rezent statistesch Donnéeën oder Etüden zu Gewaltfäll tëscht Jugendleche bannent an ausserhalb vun der Schoul zu Lëtzebuerg? Wann jo, wéi hunn sech dës Zuelen an de leschte fënnef Joer entwéckelt?
- Wéi eng Moossname ginn aktuell vum Educatiounsminister geholl, fir Gewalt tëscht Schüler präventiv entgéintzewierken a Schüler wéi och Léierpersonal z'ënnerstëtzen?

- Kéint den Educatiounsminister sech virstellen, edukativ Serien oder Filmer – wéi déi brittesch Serie "Adolescence" – als pedagogescht Mëttel an de Schoulunterrecht anzebannen, fir Themen ewéi Gewalt a Gruppendrock mat de Schüler op eng realistesch Aart a Weis opzeschaffen?

Här President, mir bieden Iech dës Froen, mat onsem déifste Respekt unzehuelen.

Laurent Mosar
Députéierten

Ricardo Marques
Députéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vun der Justizministesch, Elisabeth Margue, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2177 vun den honorabelen Deputéierte Laurent Mosar a Ricardo Marques**

1. **Ginn et rezent statistesch Donnéeën oder Etüden zu Gewaltfäll tëscht Jugendleche bannent an ausserhalb vun der Schoul zu Lëtzebuerg? Wann jo, wéi hunn sech dës Zuelen an de leschte fënnef Joer entwéckelt?**

Lëtzebuerg huet am Moment nach kee spezifescht Jugendstrofrecht. Jugendkriminalitéit, dat heescht och Gewaltfäll tëschent Mannerjäregen, fält dofir aktuell ënnert d'Gesetz vum 10. August 1992 iwwert de Jugendschutz, dat sech generell op Mannerjäreger uwent, déi mat alle méigleche Schwieregkeete konfrontéiert sinn. Op der Basis vun dësem legale Kader ass et net méiglech, Zuelen ze erhiewen, déi sech nëmmen op d'Jugendkriminalitéit bezéien, besonnesch well dee selwechte Mannerjärege gläichzäiteg Strofdote begoe kann an op Hëllefsmoossname fir Kanner ugewisen si kann. Dës Realitéit spigelt sech am informatesche System vun de Justizautoritéiten erëm, deen dowéinst net direkt benotzt ka ginn, fir zouverlässeg Statistiken ënner Berücksichtegung vun enger Ënnerscheedung tëscht Jugendkriminalitéit a Jugendschutz ze produzéieren. Et ass aktuell also och net méiglech, Zuele bezüglech Gewaltfäll tëscht Jugendleche bannent an ausserhalb vun der Schoul ze produzéieren. Fir méi Detailer iwwert déi Problematik vun de Statistiken zur Jugendkriminalitéit, sief op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 1755 verwisen.

Am Aklang mam internationale Recht a mat den internationale Recommandatiounen am Beräich vum Jugendschutz, ass d'Regierung amgaang, de System grondleeënd ze moderniséieren. Mat de Gesetzesprojeten n° 7991, 7992 a 7994 sollen déi verschidde Voleten, déi aktuell vum Gesetz vum 10. August 1992 regéiert ginn, opgespléckt ginn. Sou kënnt mam Projet 7991 en eegestännegt Jugendstrofrecht, mam Projet 7992 en eegestännegt Gesetz iwwert de Schutz vu mannerjäregen Affer an Zeien a mam Projet 7994 en eegestännegt Gesetz iwwert de Jugendschutz. An deem gesetzleche Kader wäert et an Zukunft vill méi einfach sinn, fiabel Statistiken zu Gewaltfäll tëschent Jugendlechen ze produzéieren an ze veröffentlechen.

2. **Wéi eng Moossname ginn aktuell vum Educatiounsminister geholl, fir der Gewalt tëscht Schüler präventiv entgéintzewierken a Schüler wéi och Léierpersonal z' ënnerstëtzen?**

Gewalt, an all hire Formen, ze bekämpfen ass e wichtegt Uleies vun der Regierung an d'Bekämpfung vu Gewalt ass eng kontinuéierlech Erausfuerderung fir déi ganz Schoulgemeinschaft. Et ass wichteg, dorop hinzeweisen, datt all Acteuren aus der Schoulgemeinschaft, d'Eltere mat abegraff, dofir verantwortlech sinn, fir opmierksam ze sinn an déi noutwendeg Reflexer ze entwéckele fir adäquat op Gewalt an der Schoul ze reagéieren an direkt anzegräifen. All Schoul huet hir eege Richtlinnen a Preventiounsstrategië fir Gewalt- a Konfliktmanagement ze garantéieren. Dobäi ass et ëmmer d'Zil fir d'Schüler an all aner Acteure vun der Schoulgemeinschaft ze sensibiliséieren, net ewech ze kucken an ze reagéieren op all Verdacht vu Mobbing- oder Gewaltdot.

An der Preventiounsaarbecht hunn de Service psycho-social et d'accompagnement scolaires (SePAS) an de Service socio-éducatif (SSE) déi per Gesetz festgeluechte Missioun, fir eng Strategie am Lycée ze

entwéckelen an ze coordinéieren. Si beinhalt verschidde pädagogesch Outile wéi z. B. den *Espace de paroles régulé*, wou d'Schüler fräiwëlleg iwwer hir Gefiller (Ängschten, Stress) schwätze kënnen am Grupp vun der Klass a wou Selbstvertrauen a Selbstwierksamkeet gefërdert gëtt. Heibäi geet et drëms, hir Resilienz opzebauen an se an hirem Handelen ze guidéieren am Kontext vun enger differenzéierter, präventiver an empathescher Approche. Weider Outile sinn, nieft dem Tutorat, de *Projet S-Team* (*Peer-Mediation*).

E weideren Outil stellt de Schoulcours *Soziales Lernen* duer, deen an den Tutoratsstonne vum Cycle inférieur (7G/6G/5G a 7C) ugebuede gëtt. Dëse Schoulcours beinhalt e kontinuéierleche Sozialtraining fir d'Schüler a gëtt a Kollaboratioun tëscht dem Regent, den Enseignanten aus dem Cycle inférieur an dem SePAS- an SSE-Personal organiséiert. D'Zil ass et e Prozess bei de Schüler ze aktivéieren, deen déi sozial an emotional Kompetenze fërdert respektiv stäerkt. De Schüler léiert adäquat an erfollegräich an tëschemënschleche Situatiounen ze reagéieren. De Schüler léiert ausserdeem, sech selwer anzeschätzen, seng Gefiller ze kanaliséieren, empathesch ze kommunizéieren, respektvoll mat anere Jonken ëmzegoen a sozial Verantwortung ze iwwerhuele fir eegestänneg Konflikter ze léisen. Esou kann all Schüler sech wuel a sécher a senger Klass spieren, wat allgemeng zu engem positive Klasseklima féiert a sech perséinlech positiv op den eegene Schoulerfolleg auswierkt.

Zanter 2021 bitt de CePAS de Pilotprojet *Bientraitance* un. Zesumme mat fënnef Schoulen si strukturell a pädagogesch Konzepter zesummen entwéckelt a getest ginn, déi sech an nächster Zukunft op all d'Lycéeën applizéiere wäerten. Am Sënn vun enger *École citoyenne et bientraitante* gëtt vill Wäert op eng ganzheetlech *whole school approach* geluecht, wou all eenzel Acteure vun der Schoulgemeinschaft gefuerdert sinn, hiren Deel fir e gutt Zesummeliewen an der Schoul bäizedroen. D'Zil ass et, fir d'Klasseklima ze verbesseren, aktiv Mobbingsituatioune virzebeugen an adäquat op Konflikter ze reagéieren. D'Schüler selwer kréien eng aktiv Roll als *Ambassadeurs de la citoyenneté* a kréie fachspezifesch Formatiounen am Beräich vun der Konfliktléisung, Kommunkatioun a Gestioun vun den Emotiounen. D'Ambassadeure schaffen enk mat de Schülercomitéen zesummen an d'*Délégués de classe* gi responsabiliséiert, fir datt eng gewaltfräi Kommunikatioun tëscht de Schüler méiglech ass a weidervermëttelt gëtt. Dës Method vun der partizipativer an empathescher Approche ass dorop eraus, eng Schoulgemeinschaft opzebauen, déi duerch de Peer-Learning d'Matschüler encouragéiert, fir kollektiv ze denken an ze handelen.

Op Ufro vun de Schoule kann och de Service national de prévention de la criminalité (SNPC) vun der Police oder BEE SECURE Informatiouns- a Klasseninterventiounen zur Gewaltpreventioun maachen. BEE SECURE bitt Formatiounen a Sensibiliséierungsprogrammer zum Thema Internetbenotzung an Ëmgang mat digitale Medien un, a spezifesch zum Thema Cybermobbing. Dës Formatioune riichten sech net nëmmen un d'Schüler, mee och un d'Enseignanten. D'Eltere ginn op den Elterenowender zu Theme wéi sozial Netzwierker, Bildschierm a Cybermobbing sensibiliséiert. BEE SECURE huet ausserdeem e spezielle Guide fir Kanner, Jugendlecher an hir Begleeder entwéckelt, déi wichteg Informatioune liwwere, wéi engem Affer vu Cybermobbing gehollef ka ginn a wéi ee Cybermobbing bei der Police melle kann.

Donieft huet de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) mam Gesetz iwwer d'Wuelbefannen an d'inklusiv Educatioun vum 13. Juni 2023 den Délégué à la protection des élèves (DPE) an de Lycéeën agefouert, deen ënner anerem d'Preventioun an d'Protektioun géint all Form vu Maltraitance a senge Missioune stoen huet. Den DPE huet ausserdeem zum Zil, fir d'Enseignanten ze informéieren an ze ënnerstëtzen am Fall vum Verdacht vun engem Fall vu Mobbing oder Gewalt.

**3. Kéint den Educatiounsminister sech virstellen, edukativ Serien oder Filmer – wéi déi brittesch Serie "Adolescence" – als pedagogescht Mëttel an de Schoulunterrecht anzebannen, fir Themen ewéi Gewalt a Gruppendrock mat de Schüler op eng realistesch Aart a Weis opzeschaffen?**

D'Schoul stellt e relevante Pilier vun der Gesellschaft duer, fir Gewalt ze thematiséieren an déi Jonk op den Ëmgang mat Gewalt virzebereeden, sief et an der analoger Welt oder an der digitaler Welt. Duerch den direkten Austausch mat all eenzele Schüler wéi och ganze Schoulklasse, kann hir Realitéit besser verstane ginn an ob hir alters- a geschlechtsspezifesch Besoinen agaange ginn a schülerbezu preventiv Moossnamen, Projeten oder Aktiounen envisagéiert ginn. Dës Preventiounsmoossname si souwuel individuell wéi och kollektiv a stäerken d'Verstoe vun de Situatiounen an Dynamike vu Gewalt. Mediepädagogesch Mëttel wéi Serien oder Filmer hunn allgemeng eng duebel Zilsetzung: Engersäits sollen déi Jonk iwwer Gewalt an Dynamiken, déi an de (soziale) Medie kënnen entstoen, informéiert ginn an anerersäits sollen se hir eege Mediennotzung (Smartphone, Internet, Computerspiller) iwwerdenken. D'Schüler solle léieren, wéi beispillsweis Gewaltspiller opgebaut sinn, wat hir Zilsetzung ass a wat d'Konsequenze vum Cybermobbing kënne sinn, fir d'Affer, den Auteur an hir Familljen. D'Schüler musse léieren, sech bewosst mat de Konsequenzen auserneenzesetzen a léiere wou d'Limitte sinn, ab wéini d'(Kanner-)Rechter verletzt ginn a wat déi juristesch Konsequenze sinn.

D'Schoulen organiséieren an deem Sënn geziilt Aktiounen a bidde Projeten iwwer Cybermobbing, HappySlapping, Gewaltspiller, Sécherheet am Netz a Smartphone-Notzung un. D'Schüler kréien d'Méiglechkeet, hir Medienerfarungen an hire Mediekonsum kritesch ze reflektéieren an sech mat hirer eegener Wäertvirstellung hisiichtlech der medialer Duerstellung auserneenzesetzen. Beispillsweis sinn de Cybermobbing an d'Cybergewalt eng Form vu Belästegung, déi sech séier a wäitleefeg iwwert den Internet verbreet. Am Cours *Digital Sciences* fir 7[en] ass dowéinst eng Eenheet agebaut zum Thema Internetsécherheet, déi vun BEE SECURE entwéckelt gouf an och de Sujet Cybermobbing behandelt. Doriwwer eraus gëtt dëst Thema vun BEE SECURE och schonn an Trainingen an der Grondschoul traitéiert. Et ginn och verschidde pedagogesch Materialie fir Enseignanten a SePAS an SSE-Memberen zur Verfügung gestallt, déi an de Klasseninterventioune genotzt kënne ginn. Donieft ginn an de Sensibiliséierungsaktioune wichteg Messagen ewéi *Hannert all Bildschierm sëtzt ee Mënsch* an *Den Internet ass kee rechtsfräie Raum* propagéiert. Besonnesch wann et ëm Cybermobbing geet, ass de wichtegste Message, datt déi betraffe Leit sech hëllefe loossen a net eleng bleiwe sollen.

Zudeem huet am Joer 2020 de MENJE de *Medienkompass: Medienkompetent lehren und lernen* agefouert, e Guide pratique, deen hëllefe soll eng erfollegräich Mediebildung ze erreechen. Grondsätzlech soll de Kanner a Jonke fréi gewise ginn, datt et wichteg a richteg ass, am Internet respektvoll ee mat deem aneren ëmzegoen. Konkret droen dës sozialpädagogesch Moossnamen derzou bäi, datt Kanner a Jonker sou fréi wéi méiglech Konfliktéisungsstrategië léieren an iwwer Gewalt opgekläert ginn, fir sech déi noutwendeg Kompetenzen unzëeegnen.

2022 schonn huet BEE SECURE gemeinsam mat Partner eng Unterrichtseenheet erausbruecht zum Thema Sexting ( vu 7[e] un), wou och d'Thema Cybermobbing behandelt gëtt. Detailer ginn et ënner: https://www.bee-secure.lu/de/news/sexting-eine-unterrichtseinheit-zum-video-sharen/

Am Kader vun der Serie *Adolescence* huet BEE SECURE eng Kommunikatioun gemaach mat enger Newsletter un all d'Grondschoulen a Lyceeën an Artikelen um Internet a Social Media. BEE SECURE hat dobäi Themen opgegraff wéi Internetcommunautéiten, déi Gewalt géint Frae verharmlosen oder ënnerstëtzen, an d'Roll vun Emojien an der digitaler Kultur a Kommunikatioun vun de Jonken.

BEE SECURE huet an der Vergaangenheet systematesch reagéiert op esou Serien oder Challenges, déi grad viral ginn (*13 Reasons Why*, *Squid Game, Blue-Whale Challenge,* asw.), fir Erwuessener op méiglech Risiken opmierksam ze maachen.

Zanter Jore bitt BEE SECURE och eng Formation continue fir Enseignanten ënner dem Titel *TikTok, Instagram & Co. – Was machen Kinder und Jugendliche eigentlich derzeit online?* un, well et primordial ass, datt Erwuessener verstinn, datt d'Online-Welt vun de Jonken eng ganz aner ka sinn wéi déi, déi si selwer erliewen. Serien oder Trends wéi *Adolescence* bidden dofir eng gutt Méiglechkeet, fir d'Gespréich tëschent Erwuessenen a Jonken iwwert déi digital Liewenswelten ze fërderen.

Lëtzebuerg, de 14. Mee 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH